N°8202
Entrée le 03.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 03.08.2023

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
Lëtzebuerg, den 2. August 2023

Här President,

Esou eweí den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weider ze leeden.

Kierzlech huet déi lëtzebuergesch Konkurrenzautoritéit eng Enquête iwwert de Wunnengsmaart publizéiert wou den Immobiliësecteur analyséiert ginn ass. Sou ass ënnert anerem gekuckt ginn op d'Promoteuren respektiv bei der Promotion immoblière wei och beim Bau an der Commercialisatioun d'Reegele vum Marché respektéiert gi sinn. An dësem Kontext huet Konkurrenzautoritéit Constaten a Recommandatioune formuléiert, déi fir vill Diskussiounen a Reaktiounen am Secteur gesuergt hunn an op déi och vu Säite vum Ministère aus a Form vun enger Stellungnam reagéiert ginn ass.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un den Här Wirtschaftsminister stellen.

- Ass déi Enquête vun der lëtzebuerger Konkurrenzautoritéit iwwert den Immobiliësecteur representativ ?
- Wéi sinn déi Betriber selektionéiert ginn déi ugeschriwwe gi sinn? Ass en Ënnerscheed gemaach ginn tëscht Bau-Entreprisen an Promoteurs immobiliers respektiv den Entreprisen déi a béiden Domainer aktiv sinn ?
- Mëscht d'Enquête kloer genuch den Ënnerscheed tëscht de verschiddenen Acteuren ?
- Wéi eng Froe sinn de Betriber gestallt ginn iwwer Salaireskäschten?
- Ass den Här Minister der Meenung, dass d'Konkurrenzautoritéit genuch Fakten hat fir zur Conclusioun ze komme „…et ass net ausgeschloss, dass eng Concertatioun besteet" oder handelt et sech bis lo just em Hypotheesen opgrond vum Constat, dass Salairen niddreg sinn ?
- Misst d'Autorité de la concurrence net eng Instruktioun maache wann se e konkrete Verdacht huet ? Wär et net méi sënnvoll gewiescht Conclusiounen eréischt no enger Instruktioun ze zéien ?
- Ass den Här Minister der Meenung, dass de Sozialdialog am Secteur immobilier fonctionéiert?
- Wéini krut den Här Här Minister Resultater vun der Enquête presentéiert?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Elisabeth Margue

Marc Lies

Deputéiert